LUXEMBOURG - EURO. 25

ERKLÄRUNG VUM ENQUETEUR

No. Adresse: .....

Ech erklären dass dëse Protokoll richtëg an éierlëch d'Interviewgespréich erëmgët dat ech selwer geféiert hun mat enger Persoun, déi mir virdrun nët perséinlëch bekannt war. D'Gespréich an d'Selektioun vun der P.I. sin alle Regelen no gemat gin, an de Protokoll ass während dem Gespréich ausgefëllt gin.

DAUER/GESPREICH ..... DATUM ..... NUMM + ENNERSCHREFT ENQUETEUR .....

121. Sid Dir Lëtzebuerger Ärer Nationalitéit no?
WA JO: Wësst Dir op Dir an den Wiélerlëschten agedroen sid?
Sid Dir op Ärem Haaptwunnsëtz agedroen oder sossanzwousch?
WA NEE: NET WEIDER ENQUETEIEREN ENG ANER PERSOUN SICHEN
1 - Ass op sengem Haaptwunnsëtz agedroen
2 - Ass anzwousch anescht agedroen
3 - Wees nët op hien (sie) agedroen as
4 - Ass nët agedroen
5 - ?

122. Sid Dir am Allgemengen mat dem Liéwen dat Dir féiert ganz zefridden, éischter zefridden, éischter nët zefridden oder guer nët zefridden?
1 - Ganz zefridden
2 - Eischter zefridden
3 - Eischter nët zefridden
4 - Guer nët zefridden
0 - ?

123. Sid Dir am Allgemengen ganz zefridden, éischter zefridden, éischter nët zefridden, oder guer nët zefridden mat der Art a Weis wéi hei zu Lëtzebuerg Demokratie fonktionnéiert?
1 - Ganz zefridden
2 - Eischter zefridden
3 - Eischter nët zefridden
4 - Guer nët zefridden
0 - ?

124. Wann ët sëch em eng Meenong handelt déi Iech zu Härze geet, kënnt et do fir dat Dir Är Frënn, Är Famill oder Är Aarbechtskollegen dervun iwwerzeegt Är Meenong unzehuelen? Geschitt dat ....
1 .. Dacks
2 .. Heiansdo
3 .. Selen
4 .. Nie
0 .. ?

125. Wann Dir enner Frënn sid, kënnt et Iech dann dacks, heiansdo, oder nie fir, iwert d'Politik ze schwätzen?
1 - Dacks
2 - Heiansdo
3 - Nie
0 - ?

126/127. Et gët vill geschwat iwer d'Zieler déi Lëtzebuerg sech misst fir déi nächst 10 oder 15 Joer setzen. Op dëser Kaart stin Zieler déi verschidden Leit gären als Prioritéit géingen gesin.
KAART A WEISEN Kënnt Dir mir soen watfir eent Dir perséinlëch, an op d'laang Dauer als dat Eischtwichtegst ugesitt? An wat as Ärer Meenong no dat Zweetwichtegst? NEMMEN ENG ANTWERT AN ALL KOLONN

126 éischt	127 zweet	
1	1	- D'Uerdnung am Land ze behalen
2	2	- De Bierger d'Méiglëchkeet ze gin fir méi un denen wichtegen Entscheedongen vun der Regierung deel ze huelen
3	3	- Géint Präissteigerung ze kämpfen
4	4	- D'Fräiheet vun der Ried ze garantéieren (fir dass jidfereen dat soen a schreiwen kann, wat hien denkt)
0	0	- ?

128. Géift Dir soen, ganz allgemeng, dass Dir eng Persoun sid ....
1 .. déi zimlëch vill Selbstvertrauen huet
2 .. déi nët vill Selbstvertrauen huet
0 - ?

129. Géift Dir soen, ganz allgemeng, dass een ....
1 .. deene meeschte Leit trauen kann
2 .. do nie virsichtëch genuch ka sin, wann ee mat anere Leit ze din huet?
0 - ?

130. Géift Dir soen dass dat wat an der Welt an d'Zukunft geschitt, zum Beispill an 100 Joer Iech vill interesséiert, e wéinech oder guer nët?
1 - vill
2 - e wéinech
3 - guer nët
0 - ?

131. Wann Dir un déi 12 Méint vun 1985 denkt (KALENNER KAART B) kënnt Dir mir soen op Dir dun 1 mol oder méi oft an d'Vakanz gefuer sid (vun doheem fort), fir 4 Deeg oder méi?
WA JO: A wéini war dat?
(WANN ENG VAKANZ OP 2 MEINT VERDEELT ASS, DANN HUELT DE MOUNT VUM UFANK. E PUER ANTWERTE MEIGLECH)
WANN NIE DANN NÄISCHT EMKREESEN
Y - am Januar fortgefuer
X - am Februar fortgefuer
0 - am März fortgefuer
1 - am Abrëll fortgefuer
2 - am Mee fortgefuer
3 - am Juni fortgefuer
4 - am Juli fortgefuer
5 - am August fortgefuer
6 - am September fortgefuer
7 - am Oktober fortgefuer
8 - am November fortgefuer
9 - am Dezember fortgefuer

132. Also, am ganze Joer 1985, wéivill mol sid Dir do fir 4 Deeg oder méi an d'Vakanz gefuer?
1 - nie *
2 - 1 mol
3 - 2 mol
4 - 3 mol
5 - 4 mol oder méi oft

FIR DEI DEI NIE 1985 4 DEEG ODER MEI AN D'VAKANZ GEFUER SIN, STELLT D'FROEN 133, 134, 135.

133. * Firwat sid Dir 1985 nët fortgefuer?
1 - Dir bleiwt lëiwer doheem
2 - Dir konnt nët fortgoen wëinst Ärer Aarbecht
3 - Dir konnt Iech ët nët leeschten
4 - Aussergewéinlech Ursachen (schlecht Gesondheet, Plenneren, Familjegrënn a.s.w. ..)
5 - Angscht virum Terrorismus, der Onsëcherheet
6 - Aner

134. * An dat Joer virdrun (1984), sid Dir dun an d'Vakanz gangen fir 4 Deeg oder méi?
1 - Jo
2 - Nee
0 - ?

135. * An deenen 12 Méint déi elo kommen, mengt Dir dass Dir fir 4 Deeg oder méi an d'Vakanz goen wärt?
1 - Jo
2 - Nee
0 - ?

FIR DEI DEI NET FORTGEFUER SIN MAT DER FRO 158 WEIDERFUEREN

FIR DEI LEIT DEI OP D'MANST 1 MOL 1985 FORTGEFUER SIN

136/157. Elo schwetzen mir iwer d'Vakanz vun 1985. (Wann Dir méi ewéi 1 mol fortgefuer sid fenken mir un mat Ärer Haaptvakanz. Duerno kommen Froen fir eng vun deenen anere Vakanzen vun 1985 no Ärer Wiél).

		Haaptvakanz	Aner Vakanz	
136.	Wéieng Zäit sid Dir fortgangen? CODE: Jan Y, Feb X, Mär 0, Abr 1, Mee 2, Jun 3, Jul 4, Aug 5, Sep 6, Okt 7, Nov 8, Dez 9	⌊__⌋	⌊__⌋	147.
137-8.	Wéivill Deeg am Ganzen?	⌊__⌋	⌊__⌋	148/9.
139.	Zu wéivill Persounen war Dir an deer Vakanz, mat de Kanner?	⌊__⌋	⌊__⌋	150.
140.	War Dir .... (LESCHT C WEISEN, MEI ÄNTWERTE MEIGLECH)	140	151	
	- hei am Land	1	1	
	- an engem anere Land aus der Europäescher Gemeinschaft	2	2	
	- soss an Europa (Schweiz, Eisterréich, Skandinavien, Russland etc. ..)	3	3	
	- ausserhalb vun Europa (Amerika, Asien, Afrika, a.s.w. ...)	4	4	
141.	Sid Dir ëmmer op deer selwechter Plaaz bliwen oder sid Dir op e puer Plaaze gangen?	141	152	
	- 1 Plaaz	1	1	
	- e puer Plaazen	2	2	
142.	War ët .... (MEI ÄNTWERTE MEIGLECH)	142	153	
	- um Land	1	1	
	- an de Bierger	2	2	
	- an enger (e puer) Staad (Stiéd)	3	3	
	- um Mier	4	4	
143.	Wat fir eng Transportmëttelen hut Dir gebraucht? (MEI ÄNTWERTE MEIGLECH)	143	154	
	- Auto	1	1	
	- Zuch	2	2	
	- Flieger	3	3	
	- Schëff	4	4	
	- Velo / Motorrad	5	5	
	- Aner	6	6	
144.	Wou hut dir gewunnt? (MEI ÄNTWERTE MEIGLECH)	144	155	
	- Hôtel, Pensioun, Motel	Y	Y	
	- gelounte Wunneng	X	X	
	- Weekend / Vakanzhaus	0	0	
	- bei Famill oder Frënn	1	1	
	- als Gascht bei Privatleit (bezuelt)	2	2	
	- camping oder Rulott	3	3	
	- Vakanzduerf	4	4	
	- Jugendherberg	5	5	
	- Schëff / croisière	6	6	
	- aner	7	7	
145.	Wéi hut Dir dës Vakanz organiséiert?	145	156	
	- iwer e Reesbüro, komplett Rees, organiséiert Tur	1	1	
	- iwer e Reesbüro (nëmmen fir Är Reservatioun)	2	2	
	- iwer e Klub oder Verëin wou Dir Mëmber sid	3	3	
	- eleng (oder matt der Famill) ouni Reesbüro als Vermëttler	4	4	
146.	Wann Dir dës Vakanz mist bewerten no Ärer Zefriddenheet vun 1 bis 10 wéivill gëif Dir da gin? (FIR 10, (GANZ ZEFRIDDEN), MARKEIERT X)	146 ⌊__⌋	157 ⌊__⌋	

FIR ALL LEIT:
Hei ass eng Lëscht mat deenen 11 anere Länner aus der Europäescher Gemeinschaft. (LESCHT WEISEN)

158. A wat fir enge Länner wart Dir schon? (egal firwat)

159. Wat sin op dëser Lëscht déi 3 Länner wou Dir am léiwsten géift hi goen oder nach eng Kéier géift goen?

	158 schons besicht	159 gäre goen
Belsch	Y	Y
Dänemark	X	X
Däitschland	0	0
Griechenland	1	1
Spuenien	2	2
Frankréich	3	3
Irland	4	4
Italien	5	5
Holland	7	7
Portugal	8	8
Grousbritannien	9	9

160. Op Dir elo 1985 fort an d'Vakanz waart oder nët, ass ët Iech firkomm am Laaf vum Joer ....
(MEI ANTWERTE MEIGLECH)

1 - An ee Reesbüro ze goen fir Dokumentation a Katalogen iwer Reesen ze kréien
2 - Ze schreiwen fir Broschüren, Deplianen oder Prospekter unzefroen
3 - Reeskatalogen déi Dir fonnt hut duerchzebliederen
4 - Näischt vun all deene Saachen

161. Wat sin an dëser Lëscht déi Elementer, déi fir Iech perséinlech am attraktivste sin fir eng Vakanzplaaz respektiv Vakanzgéigend? (MEI ANTWERTE MEIGLECH) LESCHT É WEISEN

1 - D'Méiglechkeet eng oder e puer Sportarten ze praktizéieren
2 - Konfortabel Hotelen
3 - D'Gefill an engem ganz friémen Land ze sin
4 - Nët zevill héich Liéwenskäschten
5 - Onzerstéiert Landschaft
6 - Amusement (Kino, Danzlokal, Attraktiounspark)
7 - Natirlëch Attraktiounen déi ee kann kucke goen (Wasserfall, Bierger, Grotten a.s.w.)
8 - Monumenter oder Müseen
9 - Aner Saachen

162/168. Hut Dir, do wou Dir wunnt, Ursaach fir iwer déi folgend Saachen ze kloen: vill, zimmlech, e wéineg oder guer nët? (Wann Dir keng Ursaach hut fir ze kloen, sollt Dir et roueg soen).

	vill	zimmlech	e wéineg	guer nët	?
162 A - D'Kalitéit vum Drénkwasser	1	2	3	4	0
163 B - De Kaméidi	1	2	3	4	0
164 C - D'Loftverschmotzung	1	2	3	4	0
165 D - D'Art a Weis wéi den Dreck, den Ooffall oofgelagert gët	1	2	3	4	0
166 E - Keng Méiglechkeet vir an d'Gréngt an op d'Land ze goen	1	2	3	4	0
167 F - De Verloscht vu guddem Kulturland	1	2	3	4	0
168 G - D'Verschandelung vun der Landschaft	1	2	3	4	0

169/172. Elo fir Lëtzebuerg am Allgemengen, ech géing gären wëssen wéi beonrouegt, oder wéi besuergt Dir sid iwert eng Rei vun Problemer déi ech Iech elo opzielen:

	vill	zimmlech	e wéineg	guer nët	?
169 G - D'Verschmotzung vum Wasser, vun de Flëss vun de Seen	1	2	3	4	0
170 H - De Schued um Liéwen am Mier an un de Plagen	1	2	3	4	0
171 I - D'Loftverschmotzung	1	2	3	4	0
172 J - D'Art a Weis wéi den Ooffall vun den Industrien oofgelagert gët	1	2	3	4	0

173/175. Schlussendlëch, wéi beonrouegt oder wéi besuergt sid Dir iwert déi folgend Saachen?

	vill	zimmlech	e wéineg	guer nët	?
173 M - D'Ausstierwen vu bestëmmten Pflanzen an Déierensorten an der Welt	1	2	3	4	0
174 N - D'Erschöpfung vun de natirleche Buedemreserven an der Welt	1	2	3	4	0
175 O - D'Méiglechkeet vun enger Ännerung vum Weltklima duerch de Kueledioxid deen bei dem Verbrennen vu Kuelen a Petrolsprodukter entsteet	1	2	3	4	0

176. Vill Leit interesséieren sech haut fir d'Problemer vum Naturschutz a vun der Bekämpfung vun der Emweltverschmotzung. Ass daat Ärer Meenong no ....

1 .. een direkt dringende Problem
2 .. e Problem éischter fir d'Zukunft
3 .. am Fong kee Problem
0 - ?

177. U wat denkt Dir wann vun grousser Emweltverschmotzung Rieds geet? Sicht an dëser Lëscht déi 3 Saachen déi Iech direkt afaalen. (LESCHT F WEISEN, 3 ANTWERTE MEIGLECH)

1 - Den Dreck deen op der Stroos léit, am Grëngen, op der Plage
2 - Déi Gebeier déi onerlabt gebaut sin an d'Landschaft verschandelen
3 - Déi Fabriken déi geféierlech cheemesch Produkter an d'Loft oder an d'Wasser kéieren
4 - D'Erosioun vum Buedem
5 - D'Autoen déi d'Loft verschmotzen
6 - D'Verschwendung vun de natirlechen Buedemreserven (Erzer, Petrol, a.s.w. ...)
7 - De Kaméidi deen entsteet duerch Stroosenaarbechten, Autoskaméidi vun der Stroos, Flughafen, etc. ...
8 - Iwerdriwene Gebrauch an der Landwirtschaft vun Dünger, Pestiziden an Insektiziden
9 - De Mazut deen d'Mir an d'Küsten verschmotzt
X - D'Industrieoffäll déi egal wou hin geschot gin
Y - De saure Reen deen d'Bëscher futti mécht
0 - ?

178. Wéinst wat schengen Iech dës Emweltbeschiédechongen schlëmm?
(LESCHT G WEISEN, 2 ANTWERTE MEIGLECH)

1 - Déi Mossnamen déi musse geholl gin fir dat erëm alles an d'Rei ze brëngen, sin deier
2 - Wann irgend wou d'Emwelt beschiedegt ass, besteet de Risiko dass dat weidergeet an aner Géigenden a Länner
3 - D'Liéwenskalitéit geet erof
4 - All eenzel Verschmotzung vum Wasser, oder vun der Loft oder vum Buedem brëngt déi ganz natirlëch Emwelt a Gefor
5 - Déi Emweltbeschiedegungen vun haut riskéieren Konsequenzen ze hun fir déi nächst Generatiounen
6 - Dat ass eng Gefor fir d'Gesondheet vun der Bevölkerung
7 - Aner Saachen OPSCHREIWEN
0 - ?

179. Gët ët bei deenen Saachen hei op dëser Lëscht, Saachen déi Dir schons gemaach hut?
(LESCHT H WEISEN, MEI ANTWERTE MEIGLECH)

180. A gët et Saachen op dëser Lëscht déi Dir bereet wärt ze maachen oder méi oft ze maachen?
(LESCHT H WEISEN, MEI ANTWERTE MEIGLECH)

		Schons gemaach 179	Géif maachen 180
A	Oppassen kee Pabeier a keng Ooffäll op de Buedem ze geheien	1	1
B	D'Krunnewasser nët verschwenden	2	2
C	Oppassen dass een nët zevill Kaméidi mécht	3	3
D	Ee Katalysator op den Auto maachen fir de Kuelendioxid vum Auspuff ze begrenzen	4	4
E	Geld gin fir Naturschutzaktiounen	5	5
F	Oppassen fir den Haushaltsooffall ze recyklëieren (Glas, aale Pabeier, Uelech vum Vidange a.s.w. ...)	6	6
G	Matmaachen bei enger lokaler Aktioun fir d'Natur ze erhalen z.B. eng Bach botzen	7	7
H	Géint e Projet manifestéieren deen d'Emwelt beschiedegt	8	8
I	Perséinlech eng Associatioun énnerstëtzen déi séch fir d'Erhaalen vun der Emwelt asetzt	9	9
J	Näischt dovun (SPONTAN)	X	X
K	?	0	0

215. Et gin a verschidde Géigenden immens deck Geldzommen investéiert fir d'Emwelt ze schützen. Wat kann, Ärer Meenong no, esou Investissementer rechtfärdegen? Nennt mir een éischte Grond aus dëser Lëscht.

216. Nennt mir nach een zweete Grond elo aus dëser Lëscht.
LESCHT I WEISEN 1 ANTWERT PRO KOLONN

		215	216
A	Déi natirlëch Reserven aus der Géigend erhalen	1	1
B	D'Géigend méi agreabel maachen fir d'Leit déi do liéwen	2	2
C	Nei Betrieber unzéihen	3	3
D	Fir géint d'Verschlechterung vun de Liéwenskonditiounen ze kämpfen	4	4
E	Den Tourismus an der Géigend ze entwëckelen	5	5
F	D'Gesondheet vun den Awunner schützen	6	6
G	Aarbechtsplaazen schaafen duerch d'Entwëckelung vu regionale Betrieber déi fir d'Emwelt schaffen	7	7
H	Anere Grond (OPSCHREIWEN)	8	8
I	?	0	0

217. Wëst Dir op hei am Land déi staatlëch Autoritéiten séch matt dem Emweltschutz beschäftegen?

WA JO: Fannt Dir dass déi staatlëch Autoritéiten effikass sin op dësem Gebiet?

1 - Sie beschäftegen séch dermat an se sin effikass
2 - Sie beschäftegen séch dermat an se sin nët effikass
3 - Sie beschäftegen séch nët dermat
0 - ?

218. Ech weisen Iech elo e puer Meenongen iwer d'Problemer vum Emweltschutz. Mat wéienger vun deenen 3 Meenongen sid Dir averstanen? LESCHT J WEISEN, 1 EENZECH ANTWERT, NET PRESSEIERT SIN

1 - Déi wirtschaftlëch Entwécklung geet virun den Emweltfroen
2 - Et muss een heiansdo wiélen a séch entscheeden zwëschen der wirtschaftlécher Entwécklung an dem Emweltschutz
3 - D'Natur schützen an déi natirlëch Reserven erhaalen sin déi noutwendég Viraussetzungen fir déi wirtschaftlëch Entwécklung ze garantéieren
0 - ?

219. Et gët vill iwer d'Emwelt geschwaat. Iwer wat wier Dir perséinlech gär besser informéiert wat de Problem Emwelt ugeet? [LESCHT K WEISEN 3 ANTWERTE MEIGLECH]

1 - Iwer d'Geforen vun de cheemesche Produkter déi ee fräi ze kaafe kritt
2 - Wéi een bestëmmten Ooffall propper lass gët (zum Beispill: Faarw, Medikamenter, Vidange Uellech ...)
3 - Wéi een séch soll behuelen bei engem Industrieakzident
4 - Iwer d'Gesetzgebung hei am Land wat d'Emwelt ugeet
5 - Wién an Ärer Gemeng zoustännech ass fir d'Leit iwer d'Emwelt ze informéieren
6 - Iwer d'Konsequenzen fir d'Emwelt bei Industrieprojeten an Infrastrukturaarbéchten
7 - Iwer dat wat ee selwer kann bei séch maachen fir d'Emweltverschmotzung ze evitéieren
8 - Genee d'Situatioun vun der Emwelt kennen do wou ee wunnt
9 - Beispiller ze kennen vun Aktiounen a vun Betrieber déi bei Emweltproblemer Erfollëch haten
X - Iwer déi Präventivmoosnamen déi geholl gin an deene geféierleche Betrieber aus der Géigend
Y - Aner Froen OPSCHREIWEN
0 - ?

220. Wat beschreiwt Är Wunneng am beschten, op dëser Lëscht? [LESCHT L WEISEN]

1 - Isoléiert Haus oder Bauerenhaff um Land
2 - Eenzelt Haus
3 - Haus un enger Säit ugebaut
4 - Reihenhaus (un zwou Säiten ugebaut)
5 - Maisonnette: onofhängech Wunneng (mat enger eegener Dir op d'Stross) an engem Haus mat méi Wunnengen (3 oder 4)
6 - Appartement an engem Haus mat bis 10 Appartementer
7 - Appartement an engem Haus mat tëschend 11 an 50 Appartementer
8 - Appartement an engem Haus mat iwer 50 Appartementer
9 - Aner Méiglechkeet: OPSCHREIWEN .....

221/ 238. Ech wëll Iech elo e puer Froen stellen iwer d'Vertrauen dat Dir hut an d'Leit vun deene verschiddene Länner. Kënnt Dir mir fir all eenzel Vollek soen ob Dir doranner vill Vertrauen, zimmlëch Vertrauen, nët esou vill Vertrauen, oder guer kee Vertrauen hut?

		vill Vertrauen	zimmlëch Vertrauen	nët esou vill Vertrauen	guer kee Vertrauen	?
221	Italiener	1	2	3	4	0
222	Däitsch	1	2	3	4	0
223	Briten	1	2	3	4	0
224	Irländer (aus der Republik Irland)	1	2	3	4	0
225	Belsch	1	2	3	4	0
226	Lëtzebuerger	1	2	3	4	0
227	Holländer	1	2	3	4	0
228	Dänen	1	2	3	4	0
229	Franzousen	1	2	3	4	0
230	Spuenier	1	2	3	4	0
231	Griechen	1	2	3	4	0
232	Türken	1	2	3	4	0
233	Portugiesen	1	2	3	4	0
234	Schweizer	1	2	3	4	0
235	Amerikaner (aus de USA)	1	2	3	4	0
236	Japaner	1	2	3	4	0
237	Russen (aus der Sovjetunioun)	1	2	3	4	0
238	Chinesen	1	2	3	4	0

239. Déi englesch an déi franséisch Regierung sin séch eens gin fir bis 1990 een Zuchtunnel ënnert dem Ärmelkanal ze bauen an domat déi 2 Länner mateneen ze verbannen. Mengt Dir dass de Bau vun dësem Tunnel eng gudd Saach ass, eng schlecht Saach oder weder eng gudd nach eng schlecht Saach?

1 - gudd Saach
2 - schlecht Saach
3 - weder gudd nach schlecht
0 - ?

240. Et bleiwt vill ze maachen fir de Persounenverkéier an de Wueren-austausch an der Europäescher Gemeinschaft ze erlichteren. Déi eng Länner wëlle weider goen, déi aner zécken oder sin dergéint. Dir perséinlech, sid Dir averstan oder nët fir dass, a 5 bis 6 Joer, d'Leit, d'Wueren, d'Dengschtleeschtungen/Servicer an d'Kapital fräi an der ganzer Europäescher Gemeinschaft zirkuléieren kënnen esou wéi dat elo am Inland geet?

1 - ganz averstan
2 - éischter averstan
3 - éischter nët averstan
4 - guer nët averstan
0 - ?

241. Hut Dir an der leschter Zäit eppes an der Zeitung gelies oder um Radio op der Televisioun héieren iwer d'Europaparlament, dat heescht iwer d'Parlament vun der EG?

1 - Jo
2 - Nee
0 - ?

242. WA JO, hut Dir doduerch éischter ee gudden oder éischter ee schlechten Androk vum Europaparlament kritt?

1 - éischter ee gudden
2 - éischter ee schlechten
3 - weder ee gudden nach ee schlechten (SPONTAN)
0 - ?

243. Ärer Meenong no, wéieng wichtëg Roll spillt am Moment d'Europaparlament am Liéwen vun der europäescher Gemeinschaft, eng ..?

1 .. ganz wichtëg
2 .. wichtëg
3 .. keng ganz wichtëg
4 .. guer keng wichtëg
0 .. ?

244. Dir perséinlëch hätt Dir gären dass d'Europaparlament eng méi wichtëg Roll oder eng manner wichtëg Roll géing kréien, wéi bis elo?

1 - méi wichtëg
2 - manner wichtëg
3 - soll d'selwecht bleiwen (SPONTAN)
0 - ?

245. Hei as eng Rei vun Problemer, déi am Europäesche Parlament debattéiert gin. [LESCHT M WEISEN]
Kënnt Dir mir soen wéieng 3 Problemer op dëser Lëscht Ärer Meenong no déi wichtégst sin?
MAXIMUM 3 ANTWERTEN

1 - D'Ennerscheeder zwëschent den Regiounen méi kleng maachen, andeems deenen manner entweckelten Regiounen gehollef gët
2 - D'Natur schützen an géint Verschmotzung kämpfen
3 - Géint Präissteigerung kämpfen
4 - D'Wirtschaft ukuerbelen fir besser géint de Chômage ze kämpfen
5 - D'Wëssenschaftlëch an technësch Forschung an den Spëtzenindustrien entwëckelen (Computeren, Telecommunicatioun, Robotik, Agronomie)
6 - Géint den Terrorismus an d'Kriminalitéit kämpfen
7 - D'Energieversuergung garantéieren
8 - De Länner aus der Drëtter Welt hëllefen
9 - D'Sécherheet vu Lëtzebuerg garantéieren géint momentan oder zukünftëg Drohungen vun baussen
X - D'Verbraucher virun liigenerëch an falsch Werbung schützen

246. Dass Lëtzebuerg an der Europäescher Gemeinschaft as, fannt Dir dat am Allgemengen ...

1 .. eng gudd Saach,
2 .. eng schlecht Saach, oder
3 .. weder eng gudd nach eng schlecht Saach
0 .. ?

247. Alles an allem, géift Dir soen dass Lëtzebuerg dervun profitéiert huet oder nët dass et an der Europäescher Gemeinschaft as?

1 - huet profitéiert
2 - huet nët profitéiert
0 - ?

248. Wann een Iech muer géif soen, dass d'Europäesch Gemeinschaft opgeléist géif gin, géingt Dir dat staark bedaueren, wär Iech dat egal oder wärt Dir ganz erliichtert?

1 - staark bedaueren
2 - et wär mir egal
3 - ech wär ganz erliichtert
0 - ?

250. Sid Dir am Allgemengen dofir oder dergéint dass probéiert gët Westeuropa ze vereenegen? Sid Dir ...

1 .. ganz dofir
2 .. éischter dofir
3 .. éischter dergéint, oder
4 .. ganz dergéint
0 .. ?

251. [KAART N WEISEN] Wann et iwert d'Politik geet, schwätzen d'Leit vun "Rechts" a "Lenks". Wou géift Dir Iech selwer un Hand vun dësem Skalaire situéieren?
NAISCHT VIRSCHLOEN: P.I. MUSS SECH AN ENG CASE ASETZEN WANN SIE ZECKT NACH ENG KEIER FROEN

LENKS	1	2	3	4	5	6	7	8	9	10	RECHTS
										X	? = blank

252. [KAART O WEISEN] Op dëser Kaart gesit Dir dräi fundamental Haltungen déi ee vis-à-vis vun der Gesellschaft an der mir liéwen kënnt hun. Wat fir eng vun deenen dräi Haltungen kënnt am meeschten op déi eraus, déi Dir perséinlech fir richtëg haalt? NEMMEN ENG ANTWERT

1 - d'Organisatioun vun eiser jetzeger Gesellschaft muss radikal duerch eng revolutionnär Aktioun geännert gin
2 - Eis Gesellschaft muss Schrëtt fir Schrëtt duerch Reformen verbessert gin
3 - Eis Gesellschaft muss mat Courage géint all méiglëch subversiv Kräften verdeedegt gin (déi probéieren géifen sie ëmzestierzen)
0 - ?

253/256. Et gët Mouvementer an Organisatiounen déi d'Ennerstëtzung vum Publikum sichen. Fir jiddereng vun deenen déi ech zitéieren, kënnt Dir mir soen ...
a) op Dir déi gudd fannt (ganz gudd, zimmlëch gudd) oder op Dir se nët gudd fannt (éischter nët gudd, guer nët gudd)?
b) op Dir Member sid, oder op Dir wëlles hut et ze gin oder op Dir op kee Fall wëllt Member sin?

	a) ganz gudd	zimlëch gudd	éischter nët gudd	guer nët gudd	?	b) ech si Member	wëlles Member ze gin	op kee Fall Member	?
253 Naturschutzorganisatiounen	1	2	3	4	5	6	7	8	0
254 Mouvement écologique	1	2	3	4	5	6	7	8	0
255 Antiatomzentralbeweegungen	1	2	3	4	5	6	7	8	0
256 Friddensbeweegungen a Géigner vun den Atomwaffen	1	2	3	4	5	6	7	8	0

257. Gët et eng Partei der Dir méi no stitt ewéi enger aner?
WA JO: Fillt Dir Iech ganz staark mat dëser Partei verbonnen, zimlëch verbonnen oder sympathiséiert Dir nëmmen?

1 - staark verbonnen
2 - zimlëch verbonnen
3 - ech sympathiséieren nëmmen
4 - ech stin kenger Partei no
0 - ?

258. Wat d'Relioun betrëfft, kënnt Dir mir hei op dëser Skala Är Positioun ugin? KAART P WEISEN
1 wëllt soen dass Dir guer kee reliése Mensch sid an 10 wëllt soen dass Dir e ganz reliése Mensch sid.

guer nët 1 2 3 4 5 6 7 8 9 10 ganz

X ? = blank

259 Alles an allem: Kënnt Dir mir soen wéi et Iech am Moment geet?
Fillt Dir Iech ganz glecklëch, zimlëch glecklëch oder nët ganz glecklëch?

1 - ganz glecklëch
2 - zimlech glecklëch
3 - nët ganz glecklëch
0 - ?

260.	Wéi ass Ären Zivilstand, sid Dir	1 - Jonggesell 2 - Bestued	3 - Lieft Dir zesummen 4 - Sid Dir gescheed	5 - Lieft Dir getrennt 6 - Sid Dir Wittmann/fra
261.	Wéi al waart Dir wéi Dir mat Ären (ganztäglechen) Studien opgehalen hut?		1 - bis 14 Joer 2 - 15 Joer 3 - 16 Joer 4 - 17 Joer 5 - 18 Joer	6 - 19 Joer 7 - 20 Joer 8 - 21 Joer 9 - 22 Joer oder méi al X - studéiert nach
262.	Wann am Moment hei zu Lëtzebuerg Chamberwale géife gehale gin, (ENNER 18: a wann Dir kënnt mat wielen goen) wat fir enger Partei géift Dir dann di meeschte Stëmmen gin? KAART PARTEIEN WEISEN		1 - C.S.V. 2 - L.S.A.P. 3 - D.P. 4 - K.P.	5 - P.S.I. 6 - écologistes 7 - aner Partei 8 - wäiss/kéng Partei 0 - ?

CODEUR 63 - 65 BLANK

266.	Geschlecht P.I.	1 - Mann 2 - Fra
267.	Wéini sid Dir gebuer? DATUM AN ALTER NOTEIEREN	.. .. 19.. .. Joer
269.	Wéivill Leit liéwen an Ärem Stot, Dir selwer abegraff?	1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi
270.	Wéivill Kanner tëschent 8 a 15 Joer?	1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi
271.	Wéivill Kanner ënnert 8 Joer?	1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi
272.	Mir wëllen d'Resultater vun déser Etude am Vergläich zum Familjenakommes vun de Leit analyséieren. Hei ass eng Monatsakommestabell. KAART AKOMMES WEISEN. Mir géife gäre wëssen op wat fir e Niveau Dir lech situéiert mat alle Verdéngschter an Ärem Stot, ewéi Léin, Kannergeld, Renten an aner Akommes zesummen, an dat Brutto, also ouni dass d'Steieren an d'Sozialtaaschten ofgehale sin. Sot mir nëmmen d'Nummer vun der Kategorie.		1 Manner ewéi 30.000 Frang am Mount 2 30.000 bis 39.999 Frang am Mount 3 40.000 bis 44.999 Frang am Mount 4 45.000 bis 49.999 Frang am Mount 5 50.000 bis 59.999 Frang am Mount 6 60.000 bis 64.999 Frang am Mount 7 65.000 bis 69.999 Frang am Mount 8 70.000 bis 79.999 Frang am Mount 9 80.000 bis 89.999 Frang am Mount X 90.000 bis 99.999 Frang am Mount Y 100.000 bis 119.999 Frang am Mount 0 120.000 a méi am Mount B Keng Äntwert
273.	BERUFF VUM P.I. OPSCHREIWEN AN KODEIEREN		1 - Bauer oder Wënzer 2 - Fräiberuffler: Dokter, Affekot, Expert-Comptabel 3 - Commerçant, Artisant, Patron 4 - Aarbechter 5 - Employée oder Fonktionnär bis cadre moyen 6 - Employee oder Fonktionnär cadre supérieur 7 - Pensionnéierten 8 - Hausfra/mann 9 - Schüler, Student, Militärservice 0 - Chômeur
274.	NEMMEN WANN DE P.I. E BERUFF HUET Wéivill Leit schaffen do wou Dir schafft?		1 - Manner ewéi 5 2 - 5 bis 49 3 - 50 - 499 4 - 500 oder méi
275.	Sid Dir de Familjenvirstand?		1 - Jo →NÄCHST FRO IWERSCHLOEN 2 - Nee
276.	BERUFF VUM FAMILJENVIRSTAND?		1 - Bauer oder Wënzer 2 - Fräiberuffler: Dokter, Affekot, Expert-Comptabel 3 - Commerçant, Artisan, Patron 4 - Aarbechter 5 - Employee oder Fonktionnär bis cadre moyen 6 - Employee oder Fonktionnär cadre supérieur 7 - Pensionnéierten 8 - Hausfra/mann 9 - Schüler, Student, Militärservice 0 - Chômeur

277.	LUXEMBOURG-VILLE 5	ESCH/ALZETTE 4	ETTELBRUCK 2	MERTERT 1
	HESPERANGE 2	DIFFERDANGE 3	DIEKIRCH 2	MONDORF 1
	WALFERDANGE 2	DUDELANGE 3	WILTZ 1	CONSDORF 0
	MERSCH 1	PETANGE 3	REDANGE 0	BIWER 0
	STRASSEN 1	SANEM 3	CLERVAUX 0	BERDORF 0
	BERTRANGE 1	BETTEMBOURG 2	USELDANGE 0	BOUS 0
	NIEDERANVEN 1	SCHIFFLANGE 2	BOURSCHEID 0	ECHTERNACH 1
	CONTERN 0	KAYL 2	MEDERNACH 0	
	BISSEN 0	MAMER 2	HEINERSCHEID 0	
	FISCHBACH 0	BASCHARAGE 1	VICHTEN 0	
		RUMELANGE 1	GROSBOUS 0	
		STEINFORT 1	SAEUL 0	
		LEUDELANGE 0	ESCH/SURE 0	
		CLEMENCY 0		

278.	Géift Dir soen dass Dir liéwt:	1 - um Land oder an engem Duerf 2 - an enger klenger oder mëttelgrousser Stad 3 - an enger grousser Stad

279.	ZENTRUM	1	SUDEN	2	NORDEN	3	OSTEN 4
280.	BLANK						